



Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. September 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Mobilitéitsminister an un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

Wéi een aus rezenten Offres d'emploi erausliese kann ([Moovijob.comCabinCrew24Aeronews Global Jobs](https://moovijob.com/CabinCrew24AeronewsGlobalJobs)), fuerdert eis national Fluchgesellschaft beim Rekrutéiere vu Bordpersonal keng detailléiert Lëtzebuergesch-Kenntnisser als Voraussetzung, mee just rudimentär Lëtzebuergesch-Kenntnisser als Pluspunkt: *“Desired or to be acquired criteria: (...) Have a basic knowledge of Luxembourgish.”*

D'Haaptsprooch sinn Englesch, Franséisch an Däitsch. Dat féiert dann zwangsleefeg dozou, datt bei Flich vun eiser nationaler Fluchgesellschaft d'Bordpersonal oft guer kee Lëtzebuergesch kann, oder just op engem ganz schwaachen Niveau.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Regierung:

- 1) Lëtzebuergesch war fréier ëmmer e ganz wichtege Krittär bei eiser nationaler Fluchgesellschaft, an elo net méi: Firwat léisst d'Luxair als Lëtzebuerger national Fluchgesellschaft eis Nationalsprooch falen?
- 2) Wéi bewäert d'Regierung d'Entscheidung vun eiser nationaler Fluchgesellschaft, fir Lëtzebuergesch just nach als „Pluspunkt“ beim Rekrutéiere vu Bordpersonal anzestufen? Gouf et dozou eng Consultatioun mam Staat als Haaptaktionär?
- 3) Leien der Regierung Zuele vir, déi beleeën, wéi vill Prozent vum Bordpersonal bei de Flich vun eiser nationaler Fluchgesellschaft Lëtzebuergesch als „Mammesprooch“, bzw. als Haaptsprooch schwätzen? Wéi huet sech dës Prozentsaz an de leschten zéng Joer entwéckelt? Wéi vill Leit, déi als Bordpersonal engagéiert sinn, kënnen iwwerhaapt nach Lëtzebuergesch?
- 4) Wéi soll séchergestallt ginn, dass lëtzebuergeschsproocheg Passagéier, virun allem déi eeler Leit an déi an engem Noutfall, sech weiderhin an hirer Sprooch verstännege kënnen, wann d'Bordpersonal dës Sprooch net oder just rudimentär beherrscht?


Mat déiwem Respekt,

A stylized, handwritten signature in blue ink, consisting of several overlapping, sweeping strokes.

Jeff Engelen, Deputéierten

A handwritten signature in blue ink that reads "Schoos." with a period at the end.

Alexandra Schoos, Deputéiert

A handwritten signature in blue ink that reads "Keup" in a cursive style.

Fred Keup, Deputéierten